



Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 03.10.2012

**6482** - *Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel de Nagoya - Kuala Lumpur sur la responsabilité et la réparation relatif au Protocole de Cartagena sur la prévention des risques biotechnologiques, fait à Nagoya le 15 octobre 2010*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 03.10.2012

**6483** - *Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 7 octobre 2004 concernant la participation du Luxembourg à la mission ALTHEA de l'Union européenne en Bosnie-Herzégovine*

Dépôt: M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de la Défense, le 04.10.2012

**6484** - *Proposition de modification du chapitre 7 «Des pétitions» du Titre V «Procédures et dispositions particulières» du Règlement de la Chambre des Députés*

Dépôt: Mme Diane Adehm, Députée, M. Eugène Berger, Député, M. Fernand Diederich, Député, M. Camille Gira, Député, M. Ali Kaes, Député, le 04.10.2012

**6485** - *Projet de loi portant modification de l'article 567 du Code de commerce*

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 09.10.2012

**6500** - *Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013*

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 02.10.2012

3) *Le 18 juillet 2012, la pétition n°319 pour une modification de la loi du 15 mars 1983 ayant pour objet d'assurer la protection de la vie et le bien-être des animaux a été introduite par Mme Tania Hoffmann-Fettes.*

4) *La pétition n°320 concernant les visas ouverts aux ressortissants luxembourgeois souhaitant travailler en Australie et au Canada a été introduite par M. David Faber le 17 septembre 2012.*

*(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)*

## 3. Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés

Op Ufro vun der Regierung huet d'Präsidentenkonferenz sech ebenfalls derfir ausgeschwat, de Projet de loi N°5437 portant création de la structure de protection nationale vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber heimat averstanen?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

## 4. 6450 - Proposition de loi

**- portant abrogation de la loi modifiée du 19 juin 1995 réglant la fermeture des magasins de détail dans le commerce et l'artisanat;**

**- portant abrogation de l'article XIV de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998**

**Déclaration de recevabilité**

An hiner Réunion vum 4. Oktober huet sech d'Präsidentenkonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi N°6450, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Öffnungszäite vun de Butteker, déi vum Här André Bauer den 10. Juli 2012 deponéiert gouf.

Schleisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentenkonferenz un?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Eisen éischte Projet vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi N°6371, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Organisation vum Enseignement supérieur. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger, Fayot, Adam a Colombara.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6371 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace**

► **M. Serge Wilmes** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virun néng Joer hu mer eisem Héichschoulsystem en neit Fundament ginn, wéi mer 2003 d'Uni Lëtzebuerg geschafen hunn an domat och de Bologna-System hei zu Lëtzebuerg agefouert hunn. An 2009, also virun dräi Joer, hu mer deem ganze Gebai weider Piliere ginn, andeems mer dem Brevet de technicien supérieur - dem BTS - eng legal Basis ginn hunn an och där ganzer Accréditationsprozedur, wann eng Héichschoul, ob se elo privatrechtlech oder öfentlech-rechtlech, lëtzebuergesch oder net lëtzebuergesch ass, sech gäre wëllt hei zu Lëtzebuerg nach niewent der Uni an niewent de Lycéeën, déi BTSen offréieren, néierloossen.

Elo, dräi Joer duerno, maache mer dann an deem Gesetz vun 2009 e puer Ajustementer, an dat sinn der ganz genee dräi Stéck.

Déi éischt Ännerung ass, dass mer gären en neie BTS schafen, an zwar fir den Assistant technique médical de radiologie: den ATM de radiologie. Bis elo gëtt déi Formation an engem technesche Lycée ugebueden an duerfir muss ee fir d'Éischt eng Onzième oder eng Troisième gemaach hunn. Da mécht een dräi Joer laang eng praktesch an eng theoretesch Ausbildung. Et mécht een en Examen a wann een dee gepackt huet an den Diplom an der Täsch huet, da kann een herno an engem radiologesche Service schaffen.

Esou Servicer si meeschtens bei eis an de Spideeler. Do assistéiert een dann als ATM vun der Radiologie engem Radiolog, deen do mat héich komplexen, sophistiquéierten Apparater wéi Scanneren a Röntgenapparater schafft. En hëlleft, déi Apparater selwer ze manipuléieren an och dann déi Analysen, déi Diagnosticien, déi gemaach ginn do, auszewäerten.

Dir gesitt also, dass en ATM de radiologie eng zolidd Formation muss hunn, fir dat heien alles kënnen ze maachen. An do geet et u sech net méi duer, fir déi Formation um Niveau vum Lycée nach unzebidden, mä et gëtt virgeschloen, déi op méi een héijen Niveau ze hiewen an zu engem Deel eben ze maache vum Héichschoulsystem a Form vun engem BTS.

Dat heescht dann also och, dass een an Zukunft muss eng Première an eng Treizième hunn, wann ee gäre wëllt esou een Diplom maachen. Virgeschloe gëtt, dass dee BTS 180 europäesch Kreditter kritt - ECTS-System. Normalerweis huet awer e BTS tëschent 120 an 135 där Kreditter. Hei gëtt awer elo virgeschloen, der 180 ze ginn. Dat ass och erlaabt duerch d'Gesetz, well do gëtt et Derogationsméiglechkeeten, fir esou engem BTS méi Kreditter ze ginn.

Ech rappeléieren: Dat hu mer zum Beispill schon am Joer 2010 gemaach, wéi mer d'Gesondheitsberuffer klasséiert hunn a wéi an deem Kader - Här Bettel! - d'Hiewamm 180 Kreditter kritt huet. Dat heescht, do hu mer am BTS 180 bei der Hiewammeformation. An hei schloe mer vir, et ähnlech ze maache bei dem ATM an der Radiologie.

Elo hu mer awer an der Héichschoukkommission iwwert d'Fro debattéiert, wéisou hei e BTS 180 Kreditter kritt,...

► **M. le Président**.- Ech bieden Iech, dem Här Wilmes nozelauschten.

► **M. Serge Wilmes** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President.

...wéisou e BTS 180 Kreditter huet, wat deemselwechte Montant vu Kreditter entsprécht, déi e Bachelor mécht, well e Bachelor huet och 180 Kreditter oder maximal 240 Kreditter, mä et gëtt och Bachelor mat 180 Kreditter.

Dat ass eng berechtigt Fro, virun allem, wann ee se kuckt reng en termes de durée: Dräi Joer Studië fir déi eng, dräi Joer Studië fir deen aneren, ronn 180 Kreditter. Da kann ee soen: Wou ass do den Ennerscheid? Mä fir eng Äntwert ze kréien op déi dote Fro, muss een u sech net nëmmen d'Durée kucken, mä virun allem d'Finalitéit vun deem Diplom oder vun deene verschiddenen Diplomer. An hei huet de BTS eng ganz kloer berufflech Finalitéit, währenddeems e Bachelor eng nach méi pousséiert theoretesch Ausbildung matverméttelt a virun allem och virbereet, fir dann herno kënnen e Masterstudium ze maachen, respektiv wann een e Bachelor huet an domadder schaffe geet, dann huet en herno eng aner Verantwortung ze iwwerhuelen a sengem Beruff wéi mat engem BTS.

Duerfir ass och dee BTS an dem europäesche Qualifikationskader, dee mer geschafen hunn,

deen och an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn ass, op engem aneren Niveau klasséiert wéi e Bachelor, an zwar ass en do klasséiert um Niveau 5, an de Bachelor ass um Niveau 6 klasséiert. Dat erkläert dann och eben den Ennerscheid, firwat dat hei, obwuel mer e BTS hu mat 180 Kreditter, deen net gläichzesetzen ass mat engem Bachelor mat 180 Kreditter. Et ass eben eng ënnerschiddlech Finalitéit vun Diplomer do. Dat ass déi éischt Ännerung.

Déi zweet Ännerung, déi mer an deem Gesetzesprojet hei wëlle maachen, dat ass, dass mer d'Accréditationsprozedur fir Héichschoulinstituter, déi also niewent der Uni Lëtzebuerg an niewent Lycéeën, wou BTSen offréiert ginn, sech wëllen néierloossen, dass mer déi Prozedur méi preziséieren. Déi steet schon am Gesetz dran, mä mir maachen elo nach ganz kloer d'Differenz tëschent enger Universitéit an engem Établissement d'enseignement supérieur spécialisé oder op Däitsch „Fachhochschule“, well mat deem Ennerscheid, deen hei gemaach gëtt, soll u sech garantéiert ginn, dass och dat dran ass, wat dropsteet.

Déi Dissection gëtt gemaach op Basis vun zwee Kritären: op där enger Säit der Finalitéit vun esou engem Etablissement an op där anerer Säit och dem Corps enseignant.

Hei gëtt et den Ennerscheid: D'Uni charakteriséiert sech ganz kloer doduerjer, dass se e ganz enke Lien huet tëschent der Fuerschung an der Léier, déi se mécht, währenddeems eng Fachhéichschoul virun allem op eng héich berufflech Ausbildung aus ass an déi zum Zil huet.

An dann ass och den Ennerscheid am Corps enseignant. Hei mussen, fir eng Uni kënnen ze sinn, op d'mannst 30 Leit engagéiert sinn, an dovunner muss een Drëttel minimum Professer sinn, währenddeems en enger Fachhéichschoul op d'mannst 15 Leit mussen engagéiert sinn. An déi, déi do enseignéieren, mussen op d'mannst deen Diplom hunn, dee se selwer dann och do ubidden. Dat ass déi zweet Ännerung.

Dann och nach eng drëtt Ännerung, déi nees eng Kéier de BTS concernéiert: Mir hu bis elo zwar an engem Règlement grand-ducal eng Disziplinarprozedur drageschriwwen, déi existéiert an deem Règlement grand-ducal, wann ee sollt fuddele bei engem Examen, wann en e BTS mécht, mä déi huet awer keng genuch legal Basis an engem Gesetz. Duerfir huet de Statsrot gesot: „Dir musst dat dann och an dat Héichschulgesetz aschreiwen, fir deem eng legal Basis ze ginn.“ Dat maache mer elo, an duerfir gëtt elo hei eng Procédure disciplinaire ageschriwwen.

Wéi gesäit déi aus? Majo, wann ech eng Kéier sollt beim Fuddelen erwëscht gi bei esou engem Examen vum BTS, dann ass natierlech emol déi éischt Konsequenz, dass deen Examen net gëllt, an e gëtt och mat null Punkten notéiert. De Pouvoir disciplinaire, deen huet an enger éischter Instanz den Examensjury.

Mä wann ech net domadder averstane sollt sinn, kann ech selbstverständlech Appel maachen, an dat da virum Héichschulminister. Ech hunn da siwen Deeg Zäit, fir dat ze maachen, vun deem Moment un, wou ech notifizéiert kritt hunn, dass ech am Examen gefuddelt hunn. An de Minister huet fir säin Deel dann 30 Deeg Zäit, fir kënnen op deen Appel ze reagéieren. Sinn ech dann nach ëmmer net averstane mam Minister senger Décisioun, da kann ech och e Recours en pleine juridiction maache virun de Verwaltungsgerichter.

Dann nach just zwee Punkten och: De Statsrot huet nämlech gesot, vu datt jo dat groussherzoglecht Reglement vum 23. Februar 2010, wat bis elo déi Disziplinarprozedur regelt am Kader vum BTS, elo net méi à jour ass mat deem, wat mer an d'Gesetz schreiwen, muss dat à jour gesat ginn.

An en zweete Punkt, deen en och ennerstrach huet, ass: Vu datt mer och nach aner Disziplinarprozeduren am Schoulsystem hunn, déi ënnerschiddlech sinn, wär et vläicht un der Zäit, déi och ze kucken ze harmoniséieren. Hei huet d'Regierung versprach, dass se géif déi zwee Punkten esou séier wéi méiglech eng Kéier op de Leescht huelen.

Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass sinn déi Punkten, ëm déi et hei geet an deem Gesetzesprojet. Nach eng Kéier kuerz de Résumé; den éischte Punkt ass: Mir schafen en neie BTS an en ATM de radiologie. Deen zweeten ass: Mir ginn dem BTS eng Procédure disciplinaire, déi mer an d'Gesetz vum Héichschulgesetz vun 2009 draschreiwen, wat de BTS jo och geschafen huet. An den drëtte Punkt ass, dass mer d'Accréditationsprozedur vun den Héichschoulinstituter, déi sech zu Lëtzebuerg wëllen néierloossen, méi preziséieren, andeems mer d'Dissection maachen tëscht enger Universitéit an enger Fachhochschule.

Dat ass, wat hei an deem Gesetzesprojet virgeschloe gëtt. Zum Schluss wëll ech soen, dass

ech och nach den Accord vun der CSV-Fraktion zu deem Gesetzesprojet ginn.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur Wilmes. An als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert elo net méi am Detail op de Projet agoen. Dat huet mäi Virriedner, de Rapporteur, schon am Detail gemaach, deem ech och wëllt Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech wëllt och soen, dass d'DP natierlech den Accord zu deem Projet ka ginn.

Ech wëllt just vläicht kuerz, wann Der erlaabt, zwee Punkten opwerfen, déi de Rapporteur och scho kuerz erwähnt huet. Déi éischt Fro oder den éischte Punkt, dass ass dee vun de Recoursméiglechkeeten, déi een elo neierdengs, op alle Fall am Enseignement supérieur, viru Gerichter huet, wann een net mat Décisiounen vun engem Examen d'accord ass. Bon, hei ass et méi spezifesch, wann ee gefuddelt huet, wann een e Plagiat gemaach huet. Mä hei gëtt also an e Gesetz, an e Schoulgesetz - fir et emol esou ze soen -, dee Prinzip ageschriwwen, dass ee Recoursméiglechkeeten en dernière instance virun de Gerichter huet, wat mer awer méttlerweile oder de Moment nach net an allen Ordres d'enseignement hunn.

Mir haten déi Fro an der Kommissioun och diskutéiert. An et wier vläicht gutt, wann eis dann och hei d'Regierung kéint nach eng Kéier, oder well... Ech mengen, de François Biltgen hat dat an der Kommissioun gesot - hien ass leider haut de Mëtten net hei -, e géif domadder an d'Regierung goen. Vläch kann dann haut de Mëtten d'Madame Modert eis soen, wat do derbäi erauskomm ass, ob och d'Regierung drun denkt, fir dee Prinzip an déi aner Ordres d'enseignement anzeféieren. Ech denken do virun allem un den Enseignement secondaire hei zu Lëtzebuerg, wou dat de Moment nach net besteet.

Eng zweet Fro, dass ass déi vun der Aklässierung vu verschiddene Studien. Do ass et jo esou: Och hei hu mer dat am Gesetz elo ageschriwwen. De Rapporteur ass dorobber agaangen. En huet erkläert, firwat et ass, dass also déi Assistants techniques médicaux en spécialité radiologie trotz 180 ECTSen net e Bachelordiplom kréien, mä e BTS. Do stellt sech natierlech d'Fro, ob an Zukunft vläicht och nach fir aner Formationen Iwwerleeunge gemaach ginn, ob een an déi Richtung wëllt goen.

Bei der Rentrée académique ass et esou, dass de Minister Biltgen an dovunner geschwat huet, erwähnt huet, dass Iwwerleeunge wieren, fir eventuell d'Formation vum den Enseignants aus dem Fondamental, also d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren, dass een och do géif drun denken, fir déi an esou eng Richtung ze maachen, dass dat net méi universitär Studië wieren, mä dass dat och éischter dann Héichschulstudië wieren. Och do wier ech fro, wann d'Regierung eis kéint Opschloss ginn, ob se drun denkt, fir an déi Richtung ze goen oder net.

Déi zwou Froen gestallt, géif ech awer, wéi gesot, den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet ginn.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Jo, Här President, ech wollt den Accord vun der LSAP zu deem Projet ginn. Ech soen dem Rapporteur, dem Serge Wilmes, och villmoos Merci fir deen exzellente Rapport an déi exzellente Aarbecht, déi en hei bei deem Projet de loi gemaach huet.

Ech wollt op eppes hiweisen, wat hien zum Schluss vu sengem Rapport gesot huet, an och de Kolleeg Berger, nämlech déi Harmonisation vum den Disziplinarverfahren am Fall vun Examen, souwuel an dem Enseignement supérieur am Kader vun de BTSen, déi hei touchéiert sinn, wéi och am Kader vun dem Secondaire, well do och en Examen, nämlech de Premièresexamen, en cause ass.

Mir hunn dat och an der Kommissioun évoquéiert, an d'Regierung huet och gesot, den Éducatiousministère an de Ministère de l'Enseignement supérieur géife sech drëm bekëmmern. Dofir steet dann och am Rapport, dass ons Kommissioun «se voit confirmer qu'il existe la volonté d'harmoniser ces régimes au niveau des principes de base».

Ech muss soen - ech wëllt dat awer hei ennersträichen -, dass dat mer e bësse schwach ass. Et geet net duer, dass d'Regierung de Wëllen





huet, si muss sech och en Termin ginn, sech en Agenda ginn, fir dat ze maachen. Well et weess ee jo, wéi déi Saache ginn: Wann zwee Ministere mateneen zwëschen zwou Diere schwätzen, dat ass eng Saach; wann eppes systematesch ugaange gëtt, ass déi aner Saach.

Ech hoffen och, dass mer an der Kommissioun vläicht an deenen nächste sechs Méint eng Kéier doriwwer prezis Indikatioune vun der Regierung kréien. Dat ass mäi Wonsch, an ech sinn iwwerzeegt, dass de Rapporteur deen och deelt. An am Benefiss vun deene Remarquë ginn ech natierlech den Accord vun onser Fraktioun.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech well dann och direkt dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport. Mir hunn e kuerzt Gesetz hei, an op den éischte Bléck ass et reng technesch. Et sinn zwou Mesuren, wéi erwähnt. Mer schafen e BTS fir den Assistant technique médical de radiologie. Et gëtt proposéiert, dës Formatioun op en héijen Niveau ze setzen. An ech mengen, de Rapporteur huet och richteg gesot, datt dat en ustrengenden an en usprochsvolle Beruff ass an datt dat wierklech Sënn mécht, fir do de Studiëgang ze erweidern. Et ass och gesot, dat kéinten 180 ECTS-Punkte sinn; et ass jo nach net festgeluecht, datt et der mussen 180 sinn.

Mir stellen och fest, an dat ass deen zweete Punkt vun dësem Gesetz, datt et engersäits Universitëte gëtt an datt et niewent deenen Universitëten och nach aner Institutioune gëtt, déi en Enseignement supérieur ubidden. An Däitschland géif ee vu Fachhéichschoule schwätzen.

Fir eis ass awer déi Trennung net gradesou evident, wéi et am Exposé des motifs ugefuert gëtt. Do gëtt ugefuert, datt eng Uni sech vun enger anerer Héichschoul ënnerscheet, well se éischters vill Wäert op d'Recherche leet an zweetens méi eng déif wëssenschaftlech Basis leet. Déi sougenannt Fachhéichschoulen dogéint wieren un éischer Stell méi praxisorientéiert a si géifen eng schnell Integratioun op den Aarbechtsmarché erlaben. An ech si frou, datt de Rapporteur och nach vun de verschiddene Formatioune vun den Enseignanten op deene verschiddenen Institutioune geschwat huet, well ech mengen, dat ass och e wesentlechen Ënnerschied.

Déi Trennung kléngt méi einfach a méi logesch, wéi se an eisen Aen ass. D'Beispill vum Schoulmeeschter ass ugeschwat ginn. De Schoulmeeschter zu Lëtzebuerg, dee gëtt jo awer nun direkt préparéiert op den Aarbechtsmaart. Ech géif mer och wënschen, datt déi Formatioun praxisorientéiert ass. An ech weess net, ob... Den Här Berger huet gemengt, mer géifen eventuell an d'Richtung BTS vum Schoulmeeschter goen. Ech...

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Et war eng Fro! Här President, dat war eng Fro un d'Regierung. Et ass net, datt ech elo duerfir plädéieren. Et ass méi: Ech wëll Opschloss kréien doriwwer.

► **Une voix.**- Aaahhh!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Gutt! Also, den Här Biltgen huet - an ech géif en do och ënnerstëtzen - ugekënnegt, datt ee sech misst Gedanke maachen, ob déi Formatioun vum Schoulmeeschter net misst reforméiert ginn. Éischt Pisten, zaghaft Pisten, hate mer an eiselem Débat d'orientation iwwert den Enseignantsberuff am Abrëll dëst Joer och schonn hei an der Chamber ginn. Ech hunn allerdéngs grouss Zweifel - an et ass kee Wonsch vu grénger Säit -, fir do erëm zrëckzefueren op eng Fachhochschule oder en Institut pédagogique oder en Institut supérieur d'études de recherches pédagogiques.

(*Interruption*)

Merci, Här Berger.

Firwat? Majo, et ass allgemeng en europäeschen Trend, datt déi puer Länner, wou mer nach Fachhéichschoulen hunn, och op de Wee vun engem universitäre Studium fir d'Schoulmeeschtere ginn.

Komme mer zrëck op den Assitant technique médical de radiologie. Dat gëtt dann elo deen zweete Gesondheetsberuff, wou mer e BTS mat 180 Punkten an Aussicht stellen.

Am Exposé des motifs gëtt dann och nach op de Bologna-System higewisen, wou et net ëm d'Dauer vun de Studië geet, mä ëm den Niveau vun der Formatioun. An da soe mer, de Bologna-System gëtt och an de Cadre européen des qualifications transposéiert, wat dann déi lescht véier vun insgesamt aacht Niveaue betrëfft. An dann heescht et, datt de BTS an den Niveau 5 kënnt an de Bachelor an den Ni-

veau 6. Domat stelle mer da fest, datt d'Professions de santé alleguerten am Niveau 5 regroupéiert sinn.

An domat weise mer am Fong geholl, datt déi BTS-Geschicht och eng Décisioun ass, fir méiglech salarial Revendicatioune vu virera wëllen ze verhënnern. Dat ass eppes, wat verständlech ass. Mä trotzdem: Mir stelle fest, datt mer an eiselem klenge Land Formatioune mat 180 ECTS hunn - zum Beispill d'Hiewamm an de Radiologieassistent - an datt mer eng Formatioun vun 180 ECTS hunn, wat awer op Bachelorbasis ass. Dat gëllt fir de BSSE an dat gëllt fir déi allermeechten Ingenieursbacheloren.

Mir hunn also e BTS vun engem, zwee oder dräi Joer. Mir hu Bachelore vun dräi oder véier Joer. A méi korrekt, op „Bolognesesch“ ausgedréckt, déi dat bestëmmt: datt mer 60, 120, 180, 240 ECTS-Punkten hunn. Mir mengen, datt mer hei eppes geschafen hunn, wat ufänkt, der ursprénglecher Iddi, fir méi Transparenz an den Enseignement ze kréien, entgéintzewierken. Hei geet et wierklech drëm - ech hunn et scho gesot - am Virfeld méigleche Gehaltsforderungen entgéintzekommen.

Ech ginn den Accord zu dësem Gesetz mam ausdrëckleche Wonsch, fir op déi Entwécklung hei mat där Villzuel vu BTSen a Bacheloren, déi mer schafen, eng Kéier zrëckzekommen an eis wierklech ze iwwerleeën, ob mer do net ze vill en Duerjernee schafen.

Et ass och ugeschwat ginn, datt mer et regelen am Gesetz: d'Fraude an d'Tentative de fraude. Ech mengen, mir sollen eis näischt virmaachen: Wann dat nach net am Gesetz stoung - an et stoung net am Gesetz -, gëtt et héich Zäit, datt mer et draschreiwen!

Ech ginn dem Här Fayot och vollkomme recht, fir ze soen: Mir mussen am ganzen Enseignement probéieren, eng Linn dranzekréien. An et geet net duer, fir et just ze soen, do musse mer handelen, an zwar och méiglechst schnell a méiglechst systematesch!

Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Merci, Här President. Fir d'Éischt ee ganz grouss Merci un den Här Wilmes. Et war e ganz gudder Rapport. Exzellent, wéi ëmmer. Dir maacht Äre Match. Merci!

► **Une voix.**- Et war deen Alleréischten.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Neen, neen, et ass net deen Alleréischten. En huet scho méi wéi ee gemaach. En huet méi wéi ee Rapport gemaach.

Bon, Dir Dammen, Dir Hären, ech mengen, mir fäerten alleguerte Cattenom, mir fäerten alleguerten Tschernobyl, mir fäerten alleguerte Fessenheim. Domat si mer alleguerten d'Accord.

(*Interruptions*)

Mä eng Saach, déi mer net fäerten oder déi mer guer net a Betruecht zéien, dat sinn eis Strahlen, déi mer kréien, wa mer eis röntge loossen oder wa mer eng Radiotherapie gemaach kréien. Ech mengen, dat dierf een net minimiséieren. Et gëtt vu ville Säite gesot: „Okay, dat ass guer näischt, wann s de eng Röntge gemaach kriss vun de Longen oder vum Fouss“. Mä et bleift jo net dobäi. Ech mengen, wann s de näischt um Fouss hues, wann s de näischt bei der Röntge gesäis, da kriss de op eemol e Scanner gemaach. An da geet et esou virun.

Mä op jidde Fall dierf een net vergiessen, dass an der fréierer Zäit ganz vill Accidenter geschitt sinn. Ech erënneren u Saragossa 1990, wou 37 Leit surexposéiert waren, 13 Leit gestuerwe sinn. Ech erënneren un d'Spidol vun Épinal 2001 bis 2006, wou d'Leit surexposéiert waren, wou och do ganz vill Leit gestuerwe sinn. An och dann eenzel Fäll: zu Dijon zum Beispill, och kuerz duerno nach eng Kéier a Frankräich.

An ech erënnere mech un ee Fall, un een Assitant technique médical, wou zoufälleg do d'Kobaltbomm op de Buedem gefall ass. Dee Jong huet sech gebéckt, en huet d'Kobaltbomm mat der rietser Hand ugepaakt, en huet se erëm op den Dësch geluecht, a ganz genau dräi Wochen duerno ware seng Hand a säin Aarm faul!

Dir dierft also elo hei absolut déi Saachen net minimiséieren. Ech denken och un déi Fraen, déi vläicht schwanger sinn, d'Assistantes techniques médicales. Wa se den éischte Mount schwanger sinn a si kommen an esou eng Situatioun eran, wou eng ganz staark Strahlebelastung ass, dat ass och eng ganz grouss Gefor.

An dofir si mer frou, dass se hei dës Formatioun ugebuede kréien, dass déi Assistantes techniques médicales...

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Ech kommen... Ech maachen d'Kéier, Här Bettel. Dir wësst jo, ech brauch ëmmer vill méi laang.

(*Hilarité*)

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Är Zäit ass ewell eriwwer.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Neen, neen, déi ass nach guer net eriwwer.

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- En huet nach eng Minutt.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Dofir si mer frou, dass déi Formatioun...

► **Une voix.**- E kann nach eng Kéier maachen.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- ...do ugebuede gëtt. A mä gréisste Wonsch wär, dass d'Leit net fir all klenge Bobbo an de Röntgesall ginn, fir ebe sech selwer ze schützen, awer och fir déi Assistantes techniques médicales, awer och fir d'Radiologen ze schützen. Mäin zweete Wonsch wär, dass d'Dokteren alleguerten net ze vill e schnelle Bic hunn. A wa se eng Röntge verschreiwen, da muss et och wierklech esou sinn. A wa se eng aner Méiglechkeet hunn, dann, mengen ech, kann d'Diagnos och op eng aner Aart a Weis gestallt ginn.

Här President, dat gesot, soen ech nach eng Kéier Merci. A mir wäerten dat Gesetz hei stëmmen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Elo kritt d'Madame Modert d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert**, *Ministre aux Relations avec le Parlement, en remplacement de M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur, dem Serge Wilmes, fir säi gudden an ausféierleche Rapport. Ech mengen, dat Gesetz hei an och dat, wat hien ënnerstrach huet, weist virun allem zwou Saachen. Dat Éischt ass: Mir hunn eng relativ nei Entwécklung vun der Unis- an awer och Héichschoullandschaft hei zu Lëtzebuerg, d'Gesetz vun 2003 op där enger Säit fir d'Uni, a vun 2009 - an duerno scho geännert - fir d'Héichschoulen.

Wat dee Moment mat sech bréngt, datt mer heiansdo mussen Ajustementer maachen, well mer nach jonk an deem Beräich sinn, an eis awer op déi aner Manéier och d'Méiglechkeet gëtt, well mer elo gesetzlech Kaderen hunn, fir iwwerhaupt kënnen ze envisagéieren, nei Formatioune an dee Beräich do eropzehuelen an eropzehiewen.

Deen éischten Objectif vun deem Gesetz hei ass jo, fir nei Diplomer zouzeloosse respektiv nei Formatioune ze definéieren; dat besonnesch och am Gesondheetsberäich. An dat ass wichteg. Ech mengen, et muss een den Ufuederunge vum Beruff an den Entwécklung Rechnung droen a Rechnung droe kënnen, an dofir sech och net scheien, punktuell e Gesetz ze änneren, och wann et nach net ganz al ass, fir do nei Méiglechkeeten zouzeloossen.

Dat Zweet - dat ass, mengen ech, eng ganz wichteg Präzisioun, et ass eng nei Entwécklung -, dat ass, datt mer mussen drun denken, fir Héichschoulinstituter ze accreditéieren, fir eng Qualitéitskontroll kënnen ze maachen. Et ass net, well mir elo hei nei Méiglechkeeten ubidden an e jonke Beräich hunn an dëser Hisiicht, datt vu verschiddenen auslännesche Schoule geduecht dierf ginn, si kéinten heihinnerkommen, fir d'Prozeduren an hirem Land oder d'Accreditatioun an hirem Land kënnen ze détourneren a sech dann dierfen Uni ze nennen, wa se et an hirem Land net géifen dierfen an hei dat géife wëlle maachen.

Dofir hu mer ganz kloer definéiert, wat Héichschoule sinn, Fachhéichschoule sinn a wat op där anerer Säit universitär Studië sinn, fir se wuel zouzeloossen, mä mat där richteger Definitioun. Mir kommen ëmmer ganz séier a Veruff, soubal wéi iergendeppes am Ausland gemengt gëtt, wat mir hei géifen zouloossen an e Schlupfloch hätten. Mir wëllen hei iwwerhaupt kee Schlupfloch. An dat ass, mengen ech, eng ganz, ganz wichteg Präzisioun och heiranner.

Déi drëtt Saach ass déi vun de Sanktiounen. Och dat ass nei. Déi Diskussioun konnt och nach net fundamental an der Regierung gemaach ginn. Dat wäert se awer nach maachen. An ech hunn elo hei entscheet, datt ech och domadder wëll mat erabringen an där Diskussioun d'Examensresultater an d'Examens iwwerhaupt am Beräich vun dem öffentlichen Déngscht; Opnahmexamen oder och aner Carrièresexamen. Ech denken, datt een déi Froen och do kéint op déiselwecht Aart a Weis behandelen.

Dat, Här President, souwäit, wéi ech lech dat ka soen. Aner BTS-Formatioune: Dir wësst, datt och ëmmer nei BTS-Formatioune gemaach gi sinn, entscheet gi sinn, definéiert gi sinn. Op wéi enge Beräicher an ob een dat op de Beräich vum Enseignement ausdehnt oder zrëckféiert, dat ass an dësem Fall och nach net diskutéiert gi respektiv net ausdiskutéiert ginn.

Wou mer awer sécher alleguer mateneen d'Accord sinn, dat ass, datt een d'Formatioun vun de Schoulmeeschteren a Léierinne soll iwwerkucken, ouni datt dat onbedéngt dofir muss vläicht e BTS ginn. Dat ass awer eng Diskussioun, déi nach net fäerdeg gemaach ass.

Dat ass, Här President, wat d'Regierung nach wollt vun zousätzleche Präzisioune hei zu deene gudden Diskussiounen an zu deem gudder Rapport ginn.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Minister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6371 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6371 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Fernand Boden), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Alexandre Krieps), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6416, en Accord, deen der Académie internationale de lutte contre la corruption de Statut vun enger internationaler Organisatioun verléint. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Polfer, den Här Braz an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

**6. 6416 - Projet de loi portant approbation de l'Accord conférant le statut d'organisation internationale à l'Académie internationale de lutte contre la corruption (IACA), signé à Vienne, le 2 septembre 2010**

**Rapport de la Commission juridique**

► **Mme Christine Doerner** (*CSV*), *rapporteuse*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet wëlle mer en Ofkommen unhuelen, dat der internationaler Antikorrupciounsakademie de Statut vun enger internationaler Organisatioun gëtt. Domadder kritt dës Akademie, och IACA genannt, eng international Rechtsfäegkeet niewent hirer privatrechtlecher Capacitéit, Verträge ofzeschleissen an am Allgemengen all zweckméisseg Handlungen ze setzen, fir hir Ziler ze errechen.